



Eises Kascht, e bësse wéi d'Sprooch

Et ass natierlech e Genoss, heinsdo eppes 'Auslännisches' iessen ze goen. Net némme Franséisches, Spuenisches, Italiénisches, och Chinesesches, geschméischt Japanesches, Indeschés asw. **Ower do hu mir och EISES**, an zwar Zweeërlée: Dees, wat hei 'gebrutscht' huet, an eng ganz Wull dees vu 'baussen eran', dat dann och e létzebuergesch 'Gesiicht' an en Numm kritt huet. **Upassen? Eng Konscht** wéi eng aner!

Gitt emol nom **Rezept „Zopp an z'iessen“**, e Kachbuch à la Ketty Thull, Tun Nosbusch, Ettelbrécker Haushaltsschoul, Lea Linster oder Maisy Tibessart duerch; da bräicht dir am Fong keen hellege Paul Bocuse ... avec tout le respect qu'on lui doit!

Eng **Bouneschlupp** wéi hei kritt dir néierens; eng **Kiermesbrott mat „Mimosa“** wéi vun eise Bäizercher, wou? och wann se 'Consommé Royal' gekréint gëtt. Huet dir ewell soss enzwou eng **Sauerampelszopp** oder en **Ierzebulli**, eng **Gehäck- oder Kéiszopp** wéi heiheem 'dobausse' kritt? Vergläicht emol eis Gromperen- oder Räiskichelcher mat aneren; eise **Liewerpâti** an de **Schwéngs- oder Fierkelsgelli** mat 'ronderém'... da schneide mir guer net esou schappeg of, gell.

Eng zerguttst a fein geschnidden **Eisleker Ham** oder e **Kénnbak** aus dem 'Daul'; eng **gereezten Héiss** aus dem Schäffche brauchen sech och net vrun anerem Gesolperte mat de glänneren Nimm ze verstoppen, emol net vrun de 'schwarze Paten' oder de 'Parma-Gissercher'; **d'létzebuergesch „Solper“** kann sech prima niett enger 'saumure' oder 'Lake' vun egal wou behaapten; déi **„bescht Zoossiss“** an eis **Wainzoossiss**, grad wéi eis (verbueden) Net-, **Thüringer** huelen et mat deem op, woumat sech an Ostdeutschland 'originell' gebretzt gëtt; eis **Rieslingspaschtéit** och spilles mat deem, wat ènnert désem Numm bei de Fransousen oder sossentzou zervêiert gëtt; grad ewéi **d'Kaffiskichelcher** vun hei... déi iwregens net mat 'Bréidercher' ze verwieselen, déi net mam Kiermeskuch-Deeg mä mam Brout ze din hunn!

Frot emol iergendwou eist lues a laang genuch am Geméis (mat Lolwer, Wakeler, Neelcheskapp an engem Schotz Elbling) **gekachtent Rëndfleesch** (vum richtege Stéck!) mat Sauermous a Moschter déisait vun eise Grenzen; dat verstoppt sech an Éisträch ènner gejodeltem Numm, ass ower net méi säfteg. **Eis Träipen** an de **Fierkelsgelli**, grad ewéi **d'Liewerwurscht** an eis **Mettien**, onverwiesselbar ... frot oder schmaacht se mol éierens anesch. Huelt **de Moschter**: Dijon a Meaux, zweemol eng (gutt) aner Konsistenz, zweemol en anere Goût; et kann ee jo ower net soen, eise méi duusse Moschter kënnt do net mathalen, *affaire de goût* ... maacht emol eng Moschterzooss (bei **Wainzoossiss**) mat en allen dräi...

Iwver d'Joerhonnerte sinn **aus allen Härelänner Kaschtrezepter** hei, hänke' bliwwen oder ugepasst ginn; dat war eng gutt Saach. Mir hu 'geknäipt', mä et war do-wäert!

Iergendwéi ass et also mat eisem Kascht wéi mat eiser Sprooch. Mir hu kloer eng déck Partie vu rondrëm eragehell an **typesch „Eises“ draus gemaach**. Dofir brauche mir äis net ze verkrauchen; et ass souzesoen **europeesch vu virun der EU**.

Méi wéi ee vun äis huet sech och alt ewell gewonnert, dass eise Kascht auslännische Bekannten nawell net iwwel schmaacht; **Gehäckzopp** vläicht net grad esou. ☺ Mä da gitt emol op Hamburg 'Labskaus' iesen; wéi heescht et am weltberühmte 'Raven' vum E.A.Poe... Ni méi! Ech géng ower wetten, dass si eis Gromprezentat an eng **Feierstengs mat Moschterzooss** a gudder Erënnerung behale giffen.

Eise gudde Jang!

Sou hunn der e selleche fir **dee feine Grand-Duc Jean** gesot; dat ouni hir Reverenz fir dee líwe Mensch ze vergiessen. Hie war jo deen éischte Chef vun eisem Land, dee **vu Kand un d'Sprooch vun senge Leit** geschwatt huet, wann och nach eng Grëtz méi 'gespëtz' an der Aussprooch. Bei senger beléifter Mamm, der Groussherzogin Charlotte, ass dat nach net esou de Fall gewiescht, well hir Eltern a Grousselteren nach d'Däitsch als Mammesprooch haten.

Esou niewebäi: **Wa mir dem Jean dann elo solle gerechterweis e Monument - net en „Denkmal“! - setzen**, da solle mir dat ,énnert d'Leit' stellen; net an en Eck, wou een et muss 'siche' goen. Hien huet sech ouni vill Ophiewes als ee vun äis gefillt a gewisen; da soll hien och **an eiser Mëtt** bleiwen.




Foto: Guy Wolff

Eis esou aarm Sprooch... mä dann iuwersetzt emol!

Dee queesche Krappert gëtt sech net - de Jos ass e falsche Luussert- d'Virsch hu- et sech an den Heng verkuckt - dee Schnuddeler krut eng op d'Sabbel/Gladder/d'Schnuddel - de Mett huet keng Gutt an der Kopp - dem Fern leeft d'Nues - dat Bëtschel mengt wat et wier - d'Kätt ass eng verlafen Zatz/ Butsch/eng vermengte Popp - huel mir dee Schnëssert vum Pelz - kuck dass de verkëns - maach keng Fisematanten - ech hunn dem Claude et lafe gelooss - 't reent riichteran - hal net déck - du topege Flantes - déi Bounestaache si wünsch - klamm net op déi quokeleg/wünsch Leeder - et ass mir tujeleg - du schiele Guckuck - ech komme laanscht den Owend laanscht - et ass mir deierlech - ém d'Wis ass pickegen Drot - d'Sout ass verstoppt - d'Daachliicht ass op - géeff mir eng ugemaachten Drëpp - ech drénken aus der Klensch - de Patt Wain ass eidel - de Pätter jickt sain Tubak - pass op déi louder Jelliskäpp op - sténkege Kéis ass esou gutt wéi Stoffi... bis dajee dann

Feierlecht Létzebuergesch?

Et däerf ee sech froen, firwat **bei Rieden op enger Feier oder d'meescht och an eiser Chamber** esou dacks an däitsch 'Flätsche' gefall gëtt. Zum Beispill vun enger adequater Wunneng, enger **Stellungnahm** geschwatt gëtt, oder eppes zur **Kenntnis gehol** soll ginn an een eppes **hikréie** soll, **aplaz, datt vun enger Wunneng rieds geet, déi passt; sech eng Saach mierken, eppes fäerdegbénge wéilt...** Eist intressant Chamberbliechen ass voll deer 'Sprooch-Knipercher'... déi mir net brauchen; grad wéi eise léiwen RTL och net; souguer wann et vläicht ,gutt mécht'.

Sprooch an Handwierk

Nei Handwierker a Beruffer, déi et vrun e puer Dose Joer nach net guff, hunn och **Ausdréck an d'Létzebuergesch bruecht, déi mir net haten**; dogéint ass verstänne-gerweis náischt ze soen. **An der Zäit si vill Jonker, op d'Rull' an d'Ausland gaang** an hunn Nimm oder Aarbeitsfassonge vun do matbruecht, wéi z.B. eng 'Piakulliss' oder e 'Schlesinger' an dem Metzler seng 'Kutter' ... dacks och, well dat esou gutt ,ge-maach' huet.

Intrissant wier, emol ze kucken, wien dann nach eppes mat enger 'Schlo', 'Pënn', 'Klinnspäss', 'Drummsee' oder dem 'Énnerscheid' téscht enger Zaang an enger Pétzaang unzefanke weess ... deer **,Saachen an Ausdréck guff/gëtt et mat den Dosenden**. Net wichteg? Ower ee vun de Bewäiser, datt eis Sprooch och an de manuelle Beruffer eng dichteg Roll gespillet huet.

Létzebuergesch EU-Sprooch?

Natierlech ass et **net onsympathesch, wann et Leit gëtt, déi fir eis Sprooch souzesoen en EU-Rang verlaangen**. Ass et ower verstänneg? Doriwwer léisst sech diskutéieren... net streiden.

Datt d'Irländer hirt 'Gaelesch' an d'Malteser hirt 'Maltesesch' duerchgedréckt hunn, huet **politesch Grénn, keng linguistesch oder kultureller**; déi Idiome ginn iwregens vu manner Leit gebraucht/geschriwwen wéi eis (konstitutionnell!) Nationalsprooch. Datt en etlech **Texter fir de „grand public“ können/sollen op Létzebuergesch publizéiert ginn**, ass ze vertrieben; ower all juristesch-technesch Geschreifs och op Létzebuergesch ze verlaangen ... verbruert! Firwat? Mä eis Sproochsituatioun stackt déckstrécheg um Däitschen, dem Franséischen, groussendeels um Engleschen ... mir können also iwwerall a bei allem an 3-4 Sproochen an der EU mathalen; **dat huet keen anert Land do opweisen!**

Wéi een et kuckt. (aus 'Schnoken am Takt')

Et war e schéine Fréijoersdag,
zwei Männer hunn am Park gesiess;
dunn huet dann een sech Loft gemaach:
lo wier de Wanter jo vergiess,
all Planzen an der Bléi a gréng,
,t wier d'Zäit, wou alles besser géng;
't kimm alles aus dem Buedem raus no uewen!

Mä géeff dech lo, sot dunn deen aner,
ech hunn d'lescht Woch jo dach eréischt
meng Schwéiermamm begruewen.